

Rapport vun der Entrevue tëscht Biireng21 an dem Diddelénger Schëfferot (30. 9. 13)

- ❖ Den 1. Punkt war duurchaus positiv, well den A. Bodry sot, dass d'Gemeng Diddeleng de PAG réischt géif emänneren, wann Pt& Ch op de Froekatalog geäntwert hätten, dee vum Schëfferot eragereecht gouf (e.a. firwat den Accès op d'Plattform onbedéngt muss iwwert e Verdeelerkrees op N31 geluecht ginn); d'CFL huet zwar Drock ausgeübt, fir am September mat den Terrassementsaarbechten däerfen unzufänken, mee de Schëfferot huet drop gehalen, dass hir Bedingungen fir d'1. mussen erfëllt ginn;

- ❖ De Bureau Molitor, dee vum Schëfferot den Opdrag kritt hat fir eng Variant zu dem Verdeelerkreesprojet vu Pt& Ch. z'ënnersichen, huet di existent europäesch Legislatur zu Autobunnsop/ausfahrten op d'Leescht geholl, a festgestallt, dass et a punkto Op- an Ausfahrten vun Autobunnen keng europäesch Reglementer gëtt (an anere Wieder: Mär hunn am Abrëll 2013 op der Präsentatioun am CNA vun den Hären Molitor a Benoît Märecher verzielt kritt); an Däitschland gëtt et just eng Virschrëft dozou, an zwar dass eng Op/Ausfahrt minimal 500 m muss vun enger 2. muss ewech leien, wat bedeit, dass op der Streck wou et vun der A 3 op d'A 13 bis zu der Birenger Ausfahrt eriwwegeet roueg kéint eng Bretelle fir den Accès op d'multimodal Plattform gebaut ginn, vu dass dat ronn 1,2 km sinn; och vun der A 3 aus (op der Héicht vum Krakelshaff) wier et vum Legislativen hir méiglech eng Ausfahrt Richtung multimodal Plattform ze bauen
Mär waren bei der Variantenétude vum Bureau Molitor zwar e bësschen enttäuscht, well mer eis erwaart haten, dass do konkret Varianten ausgeschafft a virgestallt géife ginn, mee de Bureau huet just theoretisch d'Méiglechkeet vun enger Variant ënnersicht; de Schëfferot huet dem Här Molitor seng Variantenétude direkt u Pt & Ch. weidergeleed, a si opgefuert d' Stellung dozou ze bezéien

- ❖ Den Här Biancalana huet eis och matgedeelt, dass Pt & Ch. an der Tëschenzäit op dem Hellenger Rond-Point eng Ausfahrt Richtung Eurohub a multimodal Plattform geplangt huet; an 2 bis 3 Joer ass jo de Rond-Point verschwonnen, sou dass an dem Fall wäert eng Ausfahrt vun der A13 zum Eurohub a multimodal Plattform amenagéiert ginn, sou dass mindestens de Verkéier, den vu Schengen hir kënnt net op de Birenger Verdeelerkreess geleed gëtt

- ❖ Méi eng schlecht Noriicht ass, dass d'CFL nach eng Kéier ënnerstrach huet, dass wéint hiren Aktivitéiten et keng Kaméidisaugmentatioun géif ginn, an si dowéinst sech och net u Lärmschutzwänn bedeelegen (eng Hypocrisie sonnergläichen an eisen Aen, vu dass duurch si jo zousätzlechen Trafic op der A13 entsteet: ronn 3500 Camionsbewegungen pro Dag); am Moment ass eng Kaméidisétude an der Maach (vu Pt % Ch. an Opdrag ginn) fir den Ist-Zustand festzustellen; vläit stellt sech do schon eraus, dass de Seuil vun der erlabtener Kaméidisbelästegung iwwerschratt ass, an direkt mussen Lärmschutzwänn opgeriicht ginn; effektiv hat sech bei enger Kaméidisétude vu Luxcontrol aus dem Summer 2011 jo schon eraus cristalliséiert, dass d'Lärmbelästegung nuets ganz no bei dem maximal zoulässegen Seuil vun 61 dB läit, an et ass sécher, dass tëscht 2011 an 2013 de Verkéier op der A 13 zougeholl huet, sou dass ee sech gudd ka virstellen, dass di 61 dB schon depasséiert sinn

- ❖ Mär hunn och gefrot, fir eis eng Kéier mat dem Här Molitor kënnen ze treffen (den Här Molitor liewt a schafft gréisstendeels zu Wien), an den Dan Biancalana huet gemengt, dass dat Métt Oktober (16./17.oder 18.) méiglech wär, hie géif sou en Treffen arrangéieren

- ❖ Mär hunn och bemängelt, dass d'Informatioun säitens CFL a Pt& Ch. inexistent ass, sou dass de Schëfferot versprach huet, dass wann d'Emännerung vum PAG geschitt, gläichzäiteg eng zousätzlech Informatiounsreunioun organiséiert gëtt, wou CFL a Pt& Ch. mussen den Awunner hir Froe beäntweren

- ❖ Mär hunn drop higewisen, dass wann d'Terrassementsarbechten ufänken (mär hunn offiziös Informatiounen, dass d'CFL mat enger Bewegung vun 300.000 Camion'e rechent) et beim Rond-Point bei Husky/Ambacet (CFL huet jo geplangt déi Camion'en vum Site laanscht den Triage Richtung Rond-Point "Husky/Ambacet" ze leeden) wéinst dem zousätzlechen Camionsverkéier zu gréisseren Problemer kënnt - vum Dreck mol guer net ze schwätzen et ass jo just eng arithmetesch Operatioun fir sech auszerechnen wivill Camion'e pro Dag circuléieren, wa mer mol dovun ausginn, dass sech d'Terrassementsarbechten iwwert 1 Joer hinzéien, an d'Schaffwoch mat 6 Deeg chiffréieren; do kënnt een op ronn 900-1000 Camion'en pro Dag = +/- 125 Camion pro Stonn = 2 Camion'en pro Minutt

- ❖ Mär hunn och drop higewisen, dass de Kahlschlag laanscht Diddelenger Baach verfréit war - effektiv ass zënter dem Kahlschlag am Januar 2013 ausser e puer Probegrabungen fir d'B eschaaffendheet vum Ennergrond z'ennersichen, kee Streech méi op dem Site geschaff ginn den 1. Oktober 2013 ass bekanntlech rëm di Fenster opgaangen, während déier en Defrichement ka stattfannen, mee sou dass di brutal Nacht-a Nebelaktioun, di en Noerhuelungsgebidd fir e Benotzen am Summer 2013 zerstéiert huet, an eng onattraktiv Moundlandschaft geschaafen huet, och gudd hätt elo réischt stattfannen.